N°7905
Entrée le 20.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 20.04.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/04/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.**

Den 13ten Abrëll gouf am Paperjam een Interview mat der Directrice vun der Steierverwaltung publizéiert, wou iwwert eng ganz Rei vu Problemer geschwat gouf. An dësem Interview gouf awer net nëmme Froen iwwert intern Problemer bei der Steierverwaltung (ACD) gestallt, mee och zur Steiererklärung.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Sanktioune goufen, opgelëscht pro Joer, zënter 2018 verhaangen, well Persounen hir Steiererklärung ze spéit ofginn hunn?
2. No wéi enge Krittäre ginn d'Astreinte festgeluecht, mat där e Contribuabel ka bestrooft ginn?
3. Sinn d'Krittären, no deenen d'Astreinte festgeluecht ginn, fir all d'Steierbüroen hei am Land déi selwecht? Wa nee, firwat ginn Ënnerscheeder a wéi eng genau sinn dat?
4. Wéi vill Postimpositioune goufen zënter 2018 gemaach?
5. Bei wéi ville vun dëse Kontrolle postimposition gouf duerno e Redressement gemaach, opgeschlësselt no en faveur vum Contribuabel an en defaveur um Contribuabel?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten